adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2840

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8
Référence: 477/2020
17 SEP. 2020
A traiter par:
Copies:

REÇU
Par Alff Christian, 14:52, 16/09/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Ab dem 1. Januar 2021 däerfen zu Lëtzebuerg Fierkele just nach ënnert Narkos kastréiert ginn. Et ass kloer, datt dëst fir vill Baueren eng Ëmstellung mat sech bréngt an datt déi vun där Neierung betraffen Acteure gäre Planungssécherheet fir d'Zukunft hätten. Bei eisen däitschen Noperen ass et z.B. esou, datt d'Politik dës Änderungen, déi natierlech mat Méi-Käschte verbonnen sinn, finanziell ënnerstëtzt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi eng Method vun der Kastratioun vu Fierkele gouf bis elo zeréckbehalen?
2. Ass de Landwirtschaftsministère bereet, jee no Kastratiounsmethod, déi zeréckbehale gouf, d'Bauere bei där Ëmstellung finanziell ze ënnerstëtzen?
3. Wa jo, wéi soll dës Ënnerstëtzung konkret ausgesinn?
4. Am Fall wou déi zeréckbehale Kastratiounsmethod lafend Käschte verursaacht: Kënnen d'Baueren och an deem Fall mat finanzieller Ënnerstëtzung rechnen?
5. Wa jo, wéi soll dës Ënnerstëtzung konkret ausgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 16 septembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 2840 du 16.09.2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen - Castration des porcelets

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 477/20

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 1er octobre 2020

Objet: Question parlementaire n° 2840 de l'honorable Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 2840 de l'honorable Député Jeff Engelen

1. **Wéi eng Method vun der Kastratioun vu Fierkele gouf bis elo zeréckbehalen?**
   D'Kastratioune vun de Fierkelen zu Lëtzebuerg si konform mam EU-Gesetz, d.h. Fierkelen däerfe bis zum Alter vun 10 Deeg ouni Anästhesie kastréiert ginn.
   Et gëtt Iwwerleeunge fir d'Kastratiounen, wéi an anere Länner (zB Däitschland, Schwäiz), just nach ënnert Narkos ze erlaben. Dat ass awer eng Entscheedung op nationalem Niveau, an net vun der EU virgeschriwwen. Vu datt dofir d'Legislatioun muss adaptéiert ginn, gëtt et hei am Land aktuell nach kee Stéchdatum.

   D'Kastratioun vun de Fierkelen ass de Moment a wäert och an Zukunft ee chirurgeschen Agrëff bleiwen.

2. **Ass de Landwirtschaftsministère bereet, jee no Kastratiounsmethod, déi zeréckbehale gouf, d'Bauere bei där Ëmstellung finanziell ze ënnerstëtzen?**
3. **Wa jo, wéi soll dës Ënnerstëtzung konkret ausgesinn?**
   D'Agrargesetz vum 27. Juni 2016 gesäit eng finanziell Ënnerstëtzung vu 40% bei den Uschafungskäschte vun neien Apparater (an dësem Fall: équipement de contention, de manipulation) vir.

   Am Fall wou déi zeréckbehale Kastratiounsmethod lafend Käschte verursaacht: Kënnen d' Baueren och an deem Fall mat finanzieller Ënnerstëtzung rechnen?
4. **Wa jo, wéi soll dës Ënnerstëtzung konkret ausgesinn?**
   Wéi och bei aneren Uschafungen ass de Propriétaire fir den Ënnerhalt an déi domat verbonne lafend Käschten zoustänneg.